LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
08 NOV. 2019

Réf. : mfp_82ex3f74a

Dossier suivi par :
DISTELDORFF Adrien
Tél. : 247-83248

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation

Luxembourg, le - 7 NOV. 2019

Objet : Réponse à la question parlementaire n°1268 de l'honorable député Fernand Kartheiser concernant les langues administratives dans la Fonction publique

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous transmettre la réponse de Monsieur le Ministre de la Fonction publique à la question parlementaire n°1268 relative à l'objet sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Fonction publique

Marc Hansen

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
08 NOV. 2019

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique op d'parlementaresch Fro n°1268 vum honorablen Députéierten Fernand Kartheiser**

Déi dräi administrativ Sproochen an der Fonction publique ginn evaluéiert op Basis vum europäeschen Kader vun den Sproochen (CECRL). Souwuel déi mëndlech Kompetenzen wéi d'Verstoen vun den Sproochen ginn an dësem Beräich getest.

Hei ass d 'Oplëschtung vun den Sproochenniveauen déi pro Niveau vum Diplom gefrot ginn :

- **Catégorie de traitement/catégorie d'indemnité A** : Niveau C1 fir déi éischt Sprooch, Niveau B2 fir déi zweet Sprooch, Niveau B1 fir déi drëtt Sprooch.

- **Catégorie de traitement/catégorie d'indemnité B** : Niveau B2 fir déi éischt Sprooch, Niveau B1 fir déi zweet Sprooch, Niveau A2 fir déi drëtt Sprooch.

- **Catégorie de traitement/catégorie d'indemnité C et D** : Niveau B1 fir déi éischt Sprooch, Niveau A2 fir déi zweet Sprooch, Niveau A1 fir déi drëtt Sprooch.

Den Statut gesäit am Artikel 2 fir dat verschidden Posten eng Sproochendispens kënnen kréien.

Ënnert dës Sproochendispens falen engersäits d'Posten am Enseignement déi per groussherzoglecht Reglement festgeluecht mussen ginn, an anerersäits déi Posten déi vum Regierungsrot dispenséiert ginn well déi Profiller vun den Funktiounen ganz schwéier um Aarbechtsmarché ze fannen sinn.

Fir den Enseignement huet den Ministère vun der Fonction publique keng spezifesch Statistiken. Fir déi aner Rubriken sinn 2018 an bis zum 30. September 2019 eng 205 Sproochendispensen no Avis beim Ministère vun der Fonction publique an dem Accord vum Regierungsrot autoriséiert ginn.

Hei handelt et sech zu 68 % em A1 Posten déi mat enger signifikativer Beruffserfarung (15 Joer am Duerchschnëtt) rekrutéiert ginn sinn.

Den nationalen Institut fir déi ëffentlech Verwaltung (INAP) organiséiert dës bezüglech Sproochecoursen am Lëtzebuergeschen fir d'Regierungspolitik vun der Promotioun vun der Lëtzebuerger Sproch ze fërderen. Hei sief gesot dat zanter 2018 bis zum 30. September 2019 eng 194 Participatiounen gezielt ginn sinn, an fir den Niveau A1 an A2 vum europäeschen Kader fir d'Sproochenkritären eng Attestatioun de Reussite krut hunn.